Jugendgemengerot 21.04.2018

Présencen : Cindy, Nicky, Bryan, Ben, Claire, Stefano, Charles

Hondspark & Grillplaz :

- Ben krut e bëssi Kritik zu eise Projete vu Säite vum Schäfferot ➔ gi mir an di falsch Richtung? Mir sinn e Jugendgemengerot mee schwätze mir genuch fir genuch Jonker aus der Gemeng?
  ⇨ Et ass wichteg méi den direkten Zougang zu de Jonken ze sichen.

Engagement :

- Mir sollen eis elo mol fir de Moment drop konzentréiere fir Präsenz ze weisen, nei Memberen ze kréien
- Kontakt mat Kanner aus de Primärschoulen opbauen: De JGR bekanntmaachen an der Primärschoul duerch e Poster an all Primärschoul oder Präsentatioune viru Primärschoulsklassen
- Ben freet fir 1-2 Themen vum Schäfferot ze kréien a gewuer ze ginn wéi eng wichteg Projeten ustinn a wéini Sëtzunge sinn
- Et gëtt eng methodesch Méiglechkeet Jonker aus der Gemeng méi hir Meenung froen ze goen ➔ design-thinking heescht déi. Do entwéckelt een e Prototyp vun enger Iddi a geet eraus déi Jonk hir Meenung froen ier ee weider dru schafft.
- Beachclub : Méiglechkeet eng Kéier als JGR do ze bleiwen, eppes ze machen
  ⇨ 1. Juni bis 2. September
  ⇨ 2-3 Aktivitéiten
  ⇨ näischt mat Iessen oder Drénken
  ⇨ Encadrement (‚Schwammmeeschteren', etc.)
  ⇨ Keng Spillsaachen am Waasser (theoretesch)
- 28. Mee um 17h : Betreit Wunnen ➔ Nicky, Claire, Ben, Charles
  ⇨ Vläit eppes proposéieren (Iessen, Gedrénks,...)
  ⇨ Kontakt opbauen

Online Ëmfro fir Jonker a Veräiner

1. **Kontakt opbauen / op eis opmierksam maachen**
2. **Eis engagéieren**
3. **Eis Projeten ufroe mat engem ganzen Event ronderëm Jonker**

Grupp Beachclub : Stefano, Cindy, Bryan, Gary
Grupp Betreit Wunnen : Nicky, Claire, Charles, Ben

Beachclub:

- **Beachvolley-Tournoi** : Veräiner, Jugendhaus, Betreit Wunnen, etc. froe fir eng Equipe ze maachen
  - ⇨ Leit wou waarden kënne Pétanque spillen
  - ⇨ Encadrement : 1 Arbiter, 2 Leit bei de Schwammmeeschteren, 2-3 Leit ronderëm den Terrain
- **21. Juli**
- Cindy, Stefano, Claire, Bryan, Nicky

Events:

-Ouverture « Betreit Wunnen » - 28. Mee
Et wär interessant wann de JGR giff perséinlech Jonker am Betreit Wunnen kennenléiere fir :
1) En Ableck an d'Problemer vu Jonken ze kréien zu deenen déi Jonk sech Alternative kéinten iwwerleeën a Virschléi / Initiativen kéinten ausschaffen
2) Duerch de perséinleche Kontakt et erliichteren dass Bewunner vum Betreit Wunnen Member gi vum JGR

- Catering (Gedrénks ausdeele vun der Gemeng)
- Vläit grillen
- Vläit Waasserpong
- Nicky, Claire, Charles

-Fête de l'Amitié
-Mini Hesper, 21. Juli
-Ambiance-Jardins 18.-20. Mee
De Park dee soss ëmmer fir jiddereen accessibel ass gëtt 3 Deeg zougemaach an et gëtt Entrée gefrot. Déi Deeg gi vill Jonk déi soss am Park sinn an d'Jugendhaus a reege sech op dass een do muss Entrée bezuelen. Eng Iddi kinnt och sinn an deem Deel vum Park oder am Houwalder Park eppes z'organiséieren.

Stefano a Ben treffe sech den 23. Abrëll fir e Plang opzebauen

- ⇨ 16h Rendez-vous
- ⇨ Nicky a Charles kommen no

Nächste Jugendgemengerot : 28. Abrëll 9h